




Och dëst Joer ass de Flyfishing Club aus Lëtzebuerg an d´Vogeese gefuer fir mat der Méck ze fëschen. 14 Memberen haten sech also och dëst Joer zu Saulxures afonnt fir zesummen ee flotte Weekend ze verbréngen. Genee ewéi sech dat fir den Abrëll gehéiert hate mir et natierlech fir eis Sortie och mat Abrëlls Wieder ze dinn, et war vun Allem eppes dobäi, Wand, Reen awer och sonneg Momenter a Samschdes hate mir ze guer de ganzen Dag iwwer schéint Wieder. Ee puer vun eise Memberen haten sech schonn ee bësse méi fréi op de Wee gemaach a konnten eis ewéi ëmmer schonn ee puer Infoe liwweren ewéi et em d´Fësch bestallt wär esou dass eis Fëscher och direkt konnte lass leeën



Nodeems mir am Hierscht dat leschte Joer net vill Fësch fänke konnte war et des Kéier awer erëm besser och wann et net un déi wierklech gutt Zäiten erungereecht huet mee eis Fëscher konnten awer schéi Fësch fänken an ee puer vun Hinnen haten ze guer déi richteg Mécke fonnt a konnte mat dresche Mécken awer och ee puer schéi Forelle méi fänken ewéi déi Aner. Scho wéi an der Vergaangenheet haten eis Fëscher awer och nëmmen Touchë woubäi d´Fësch Sie dach

schéin un der Nues ronderëm gefouert hunn, dat huet dann natierlech mat sech bruecht dass och mol dat eent oder Aner net jugendfräi Wuert iwwert de Séi ze héiere war. Ganz frou ware mir och den Eugéne a seng Fra erëm mat u Bord ze hunn.

















Natierlech hunn d´Vogeesen nach vill méi ze bidden ewéi nëmme fëschen, schéi Landschaften a ganz vill Natur …… woubäi mir beim Grillowend wären. Eise Präsident hat mächteg opgedëscht an déi zwee Grillmeeschter, de Fränz an de Gérard si schéin an d´schweesse komm fir all déi hongreg Mailer ze stoppen, jee et huet eis un Näischt gefeelt an et huet och Keen gezéckt sech ee puer mol méi an d´Rei ze stellen. Et war genee esou ewéi sech dat bei enger Sortie vun eisem Club gehéiert et ass vill geschnësst, gelaacht a gestëppelt ginn an d´Fësch sinn am Laf vum Owend natierlech och nach gewuess mee All dat gehéiert awer onbedéngt dozou.














Zeréck bei d´fëschen, den éischten Dag hat ee ganz zéi ugefaangen nodeems wou sech bei eise Fëscher déi éischt Erfollegserliefnesser mat klénge schwaarze Mécken oder Käferen agestallt haten ass Abee mol de Wand an d´Spill komm an et huet een seng Méck net méi um Waasser erëm

fonnt, Den zweeten Dag wou, ewéi ech et scho beschriwwen hat, de ganzen Dag iwwer schéi sonnegt Wieder war ass Abee mol Daddy Longleg gaangen an de Patrick konnt domadder vill schéi Forelle fänke mee och den Änder mat sengem schwaarze Käfer oder de Marc mat senge klenge Mécke konnten nawell vill schéi Fësch fänken. Dat huet natierlech eise Präsident net op sech setze gelooss an Hien huet gesicht a gekniwwelt bis Hien endlech och den Dréi eraus hat mee esou kenne mir Hien jo och ewell zu gudder Lescht ass Hien jo och net fir Näischt eise Präsident.

















Mir kucken erëm op dräi schéiner Deeg zeréck déi mir net mësse wëllen, et war Alles dobäi wat zu esou enger Sortie vum Flyfishing Club gehéiert, och wann d´Wieder eis de leschten Dag ee Stréch duerch d´Rechnung gemaach huet an doduerch eist Grillen um Sonnde Metten ausgefall war konnt och dat eis net déi vill schéin Erënnerungen huelen déi mir konnten zesummen erliewen.

Elo steet als nächst Sortie den Domaine de Coyolles un an dorop freeë mir eis elo schonn.











